Le livre pittoresque édité à l'occasion du 50^e Anniversaire des „Amis du Château de Bourscheid a.s.b.l.“, de même que la page de couverture de ce bulletin, est illustré par des vues insolites du photographe luxembourgeois Marc Schoentgen, dont voici quelques exemples.

D'Buch zum 50^e Anniversaire vun der A.s.b.l. Buurschter Schlassfrënn, grad ewéi d'Deckelsäit vun dësem Bulletin, sinn illustréiert mat aussergewöhnleche Biller vum lëtzebuergesche Fotograf Marc Schoentgen. Hei e puer Beispiller.



D'Frënn vum Buurschter Schloss Scho 50 Joer laang

D'Geschicht vum Buurschter Schloss huet viru gutt 1000 Joer ugefaangen. Aus engem éischten Fort aus Holz am Joer 1000 gouf duerch déi verschidden geschichtlech Epochen e Schloss aus festem Steen. E puer Mol vergréissert a méi staark befestegt am Laf vun de Jorhonnerten, steet d'Schloss houvreg op engem Schiferfiels vun 150 Meter Héicht a streckt sech iwwer eng Fläch vun 12.000 Quadratmeter, bewacht vun 11 Tiern.



D'Ruinen goufen 1936 zu engem „Nationalmonument“. Joerelaang sech selwer iwwerlooss, sinn déi Ruinen schlussendlech 1972 vum Staat opkaf ginn. Dat selwescht Joer ass d'Association „Les Amis du Château de Bourscheid“ – D'Frënn vum Buurschter Schloss, oder och d'Schlassfrënn genannt, an d'Liewe geruff ginn. Zesummen mam Service des Sites et Monuments nationaux, schafft d'Associatioun fir d'Erhaltung, d'Verbesserung, d'Restauratioun an d'touristeschen Notzen vum Buurschter Schloss. Dobäi kommen och nach touristesch, kulturell, historesch, archeologesch a folkloresch Aktivitéiten an der Region vun der aller Domän Buurschent.

Säit 1972 ass d'Schlass zu engem groussen Deel ënnersicht a restauréiert ginn. Nëmme 2 Gebaier vun der Festung sinn nei opgebaut ginn wéi se fréier mol eng Kéier waren: d'Portiershaus an d'Haus Stolzembourg. Viru kuerzem ass eng nei Rezeptioun gebaut an eng technesch Annex fir d'Stolzembuerger Haus ageriicht ginn fir d'kulturell an d'touristeschen Notzen vum Schloss ze vereinfachen.



Fir säi 50ten Gebuertsdag ze feieren sinn d'Schlassfrënn amgaangen un engem Programm mat kulturellen Aktivitéiten a Festlechkeeten ze schaffen. Am Tablo hei ënnendrun fann Dir schonn e puer Datumen, déi Dir Iech notéiere kënnt. Fir dee 50e Gebuertsdag huet d'Associatioun och e neie Logo, deen dir hei gesitt, zesumme stellen gelooss.

DE BUURSCHTER DEZEMBER 2021

Ausserdeem hunn d'Schlassfrënn e pittoresk Buch bestallt mat de schéinsten Vuen a Panoramen vum Schlass. Dëst Wierk reegt eis dozou un d'Schlass nei ze entdecken duerch Fotoen, déi vergaangen Geschichtsperioden opliewen loossen, an zitt eis Opmierksamkeet op onentdeckten Détailler.

Nach ier d'Buch erauskënnt, kënn Dir et zum speziellen Präis vun 35,00 € (Verkaufspräis am Buttik: 45,00 €) scho virbestellen mat engem Virement op ee vun de Konten vun de Schlassfrënn hei ënnen op der Säit. Dir kritt d'Buch bei senger Publikatioun am Hierscht 2022 heem geliwwert.

Falls Dir d'Aktivitéiten vun de Schlassfrënn wëllt ënnerstëtzen, kënn Dir Membre-Effectif vun der Associatioun ginn mat enger järerlecher Kontributioun vun 12,50 € oder Dir kënnt och Membre-Protecteur ginn duerch eng järerlech Kontributioun vun 25,00 € un. Als Membre-Effectif ass d'Entree gratis fir an d'Schlass. De Membre-Protecteur huet och gratis Entree an dierf nach eng (1) Persoun gratis mat op seng Visite vum Schlass eran huelen.

Les Amis du Château de Boursscheid a.s.b.l.	
Schlasswee L-9140 Bourscheid	
Compte bancaire BIL	Compte CCP
LU06 0028 1120 1440 000	LU78 1111 0000 9595 0000

Programm (provisoresch)

Fréijoer 2022	Ausstellung Théophile Steffen
14.05.22 – 18h30	Dîner spectacle Carlo Hartmann an Yannchen Hoffmann “De ganzen Dag Zirkus an owes Theater”
15.05.22 – 17h00	Carlo Hartmann an Yannchen Hoffmann “De ganzen Dag Zirkus an owes Theater”
21.07.22 28.07.22 04.08.22 11.08.22	Nocturnen um Schlass Concert 19.00 heures “Les Gavroches” Concert 19.00 heures “Les BRASseurs” Concert 19.00 heures “Nei Buurschter Musek” Concert 19.00 heures “Spitzenfelder”
Oktober 2022	Séance académique en présence de SAR le Prince Héritier Guillaume
26.11.22 27.11.22	Schlassmaart



Bei de Pompjeeën
gefällt mir den
Teamgeescht an
de Fait dass Hand
an Hand geschafft
gëtt fir deene Leit
ze hëllefen déi an
Nout sinn.

André.

32 Joer, bestuet.

Beruf: Ekonomiesprofesser.

Fräiwëllege Pompjee am C15 Péteng.

Däl Wee bei d'Rettungsdéngschter

01. Éischt-Hëllef Cours

Anleitung an Informatiounen ënnert:



www.cgdis.lu

Den Éischt-Hëllef Cours dauert 18 Stonnen a
bestiet aus 2/3 aus praktischen Übungen an
1/3 theoreetischem Wissen.

Den Cours ass 5 Joer gëltig. Wann s du
an deem leschte 5 Joer een Éischt-Hëllef
Cours gemaach huet, kënnt du direkt an de
Näxt kënnt ginn.

02. Sporttest



Fir fräiwëllege Member am CGDS ze ginn
musse een en engem Sporttest bestouwen.
Dësen Test ass eng Evaluatioun vum der
Kierperleeschtheet, du kënnt also net
durchfalen.

03. Examen médical



Nom Sporttest, muss een an dëm éischte
medicineschen-Examen d'Ernennung
durch den Dokter aus gratis an du ginn
an "Pompjeeën" hunn d'engem
Maximum ginn.

04. Cours d'initiation commun



1 Cours vu 8 Stonn, d'ernennung allgemeng
an de Rettungsdéngschter wäert mat einer
Ernennung d'Ernennung a Resourcen.



FIS 1

1 Cours vu 7 Stonn, der mat engem
Examen abgeschlossen ginn. No
allem Cours ass du gratis fir alle
Stagione mat op dem Auer ze kommen.
Mä Informatiounen op:

www.cgdis.lu



SAP 1

1 Cours vu 3 Stonn, der mat engem
Examen abgeschlossen ginn. No
allem Cours ass du gratis fir alle
Stagione mat op dem Auer ze kommen.
Mä Informatiounen op:

www.cgdis.lu



Weider Informatiounen kënnt du ënnert:

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

www.112.lu

Oder bei dengem lokalen
Centre d'Incendie et de Secours



Leif Matbierger vun der Gemeng Burschent,

E weidert turbulent Joer am Zeeche vun der COVID19 Pandemie geet sou lues op een Enn. Och den CIS Bourscheid war mam Op an Of vun de Corona Mesuren betraff. Ënner anerem Aschränkungen am Übungsalldag hunn eis de Maintien des Acquis net ëmmer einfach gemaach.

D'Equipe war ganz motivéiert an et sinn trotz deene villen Restriktiounen eng Rei wichteg Formatiounen am INFS (Institut National des Formations des Secours) besicht ginn.

Duerch d'Pandemie hu vill Leit sech besonnen an d'„Vakanz doheem“ fir sech entdeckt. Dëst ass formidabel, an eis Gemeng mat sénger schéiner Natur an dem Schlass war ee Magnét. Dësen Ëmstand huet fir den CIS Bourscheid awer och Aarbecht mat sech bruecht an eis gefuerdert. Niewend verschidde klengere Bränn an Autosaccidenter hate mir mat net manner wéi dräi Asätz um Lee-Trail vill Aarbecht. Bedéngt duerch dee verstärkten Tourismus an oft inadequater Ausrüstung vun den Touristen hu mir am Summer an am Hierscht missen intervenéieren fir verletzte Wanderer schounend aus hirer mësslecher Lag ze befreien.

Dës Asätz sinn immens zäit- a personalintensiv. An Erënnerung waert eis besonnesch den 12. November 2021 bleiwen. Géint 13 Auer ass den CIS Bourscheid fir een ofgestierzten Wanderer am Beräich „Féischerleeën“ alarméiert ginn. Op Grond vun der onklorer Meldung huet et e bësse gedauert bis de Patient an zwou weider Persounen an enger Noutlag opfonnt gi sinn. Bedéngt duerch déi schmuel Wanderpied an dee Fousswee vun ca 2 km war séier kloer, datt des Aufgab net vun eis an der RTW Equipe alleng konnt gemeeschtert ginn. Finalement waren de SAMU AIR RESCUE, den GIS GRIMP, den CIS Bourscheid, den GIS CBRN an de Chef de Peloton aus der Nordstad am Asaz. Insgesamt waren domat eng 30 Leit fir 3 Stonnen beschäftigt fir d'Persounen aus dem Bësch ze retten.

Niewend eisen Asätz konnte mir och een 1. Hëllef Cours halen. Dëse war e vollen Succés an et hunn 21 Leit deelgeholl. Och am Joer 2022 plangen mir 1. Hëllef Coursen. Mir viséieren hei mindestens 1 Cours am Hallef Joer un. Leider stinn d'Datumer elo nach net fest. Dir kënnt lech awer um Site www.cours.cgdis.lu fir verschidde Coursen androën.

Geet lech daat net duer? Dann zéckt net a mellt lech iwwert den www.112.lu fir Volontär am CGDIS ze ginn. Mir freen eis iwwert all Hand.

Ech wënschen lech all gudd Gesondheet am Joer 2022!

Joost Kanstein

CHEF CIS

CIS Bourscheid

Bass du un engem aussergewöhnlechen Hobby interesséiert? Da géff Jugendpompjee am CGDIS!

Mir bidden

- eng Erfahrung fir d'Liewen;
- Ausbildung zum operationellen Pompjee;
- interessant Aktivitéiten am Kader vun de Rettungsdéngschter awer och Camp'en, sportlëch Aktivitéiten an Ausflüch.

Iwwer 1200 Kanner a Jugendlëcher si Jugendpompjee am CGDIS.

Wëlls du

- Eischt Hëllef leeschten?
- Mat engem Feierlëscher kënnen e kleng Brand lëschen?
- En Noutruff korrekt ofsetzen?
- Interessant Visiten maachen?
- Mat Pompjees- an Ambulanzmaterial schaffen?

Da géff Jugendpompjee am CGDIS.

Weider Informatiounen:

volontariat@cgdis.lu

Tel 49771-2332

www.112.lu

oder bei dengem lokalen Centre d'Incendie et de Secours



Wie wäre es, wenn Sie Ihren Verbrauch ...

... durch eine energetische Renovierung senken?

Die kalten Jahreszeiten stehen wieder bevor und damit auch wieder erhöhte Heizkosten. Wie Sie Ihren Energieverbrauch senken ohne an Lebenskomfort einzubüßen, erklärt Ihnen myenergy.

Es gibt wenige einfache Lösungen, um Energie zu sparen und die Ausgaben zu reduzieren, aber es gibt kurz- und langfristige Möglichkeiten, um Ihre Energierechnung widerstandsfähiger gegen Preisänderungen zu machen. Vor allem ist es wichtig, die verschiedenen Räume in Ihrem Haus auf die richtige Temperatur zu heizen:

Wohnzimmer 20 °C
Schlafzimmer 17-18 °C
Badezimmer 22-23 °C

Der **Energiebedarf Ihres Hauses reduziert sich bereits um 6 %**, wenn Sie die Temperatur beim Heizen um 1 Grad senken.

Ölheizkessel sollten regelmäßig gereinigt und gewartet werden. Ein Heizungsinstallateur sollte prüfen, ob der Heizkessel richtig eingestellt ist. Für diesen Zweck hat die Umweltverwaltung ein praktisches Tool mit dem Namen **Heizungsscheck** entwickelt. Bei dieser einmaligen Inspektion Ihrer Heizungsanlage durch einen Installateur erhalten Sie eine vollständige Analyse Ihrer Heizung und Empfehlungen zur Verbesserung der Energieeffizienz Ihrer Anlage.

Um Ihr Zuhause zu optimieren und Ihren Wohnkomfort noch weiter zu erhöhen, können Sie zudem energetische Renovierungsmaßnahmen in Erwägung ziehen, die die Energieeffizienz Ihres Hauses verbessern. Der erste Schritt ist eine bessere Isolierung. Neben einem umfassenden energetischen Renovierungskonzept können Dämmung von Fassade, Dach, Dachboden und Kellerdecke sowie der Austausch von Fenstern individuell in Betracht gezogen werden.

Sie können Ihren Gas- oder Ölkessel durch eine Anlage auf der Grundlage erneuerbarer Energien ersetzen. Es gibt drei Hauptalternativen: Anschluss an das Fernwärmenetz, Installation einer Wärmepumpenanlage oder Holzpellettheizung.

Die Regierung bietet eine Reihe attraktiver Beihilfen an, um Sie bei Ihrem energetischen Renovierungsprojekt zu unterstützen.

Alle Informationen über Beihilfen finden Sie auf **cleverprimes.lu!**

Neutrale und kostenlose Beratung



myenergy.lu



8002 11 90

Beihilfen für die Installation einer Heizung
Alle Informationen auf **cleverhetzen.lu**



Co-funded by
the European Union

Serie “ Duerfchronik“ : Eis Dierfer virun engem Joerhonnert

3. Deel: Kiemen—Scheedel



Vue op Kehmen am Joer 2000

Am drëtten Deel vun dëser Serie befaasse mir äis mat den Uertschafte Kiemen a Scheedel. Den Numm „Kiemen“ geet zréck op engt aalt gallescht Wuert „Kiem“, aus deem dat modernt Wuert „chemin“ entstanen ass an dat d' Stroosse beziechent huet, déi d'Réimer fir hir militäresch Zwecker an eiser Géigend gebaut hunn. D'Uertschaft Kiemen louch um Réimerwee dee Buurschent mat Heischent verbonnen huet an iwwer d'Ardenner Héichten bis op Arel gefouert huet. De Bewäis datt Kiemen schon zur Réimerzäit besiddelt war si Fragmenter aus Bronze, Steen oder Terracotta a réimesch Mënzen déi fonnt goufen a besonnesch een Tumulus (réimesche Grafhiwwel) aus der Géigend vu Kiemen. Am Mëttelalter huet Kiemen zur Herrschaft Buurschent gehéiert a mir begéine verschidden al Vogteien vum Schloss. Um kierchliche Plang ass Kiemen mat Scheedel eng Filial vun der Paar Buurschent.

Ëm 1900 hat Kiemen 155 Awunner an 30 Haiser. Haut wunnen zu Kiemen nach 92 Awunner an 30 Stéit. Ufank vum 20. Joerhonnert si verschidde Famille vu Kehmen no Amerika ausgewandert. Kiemen war virun allem e Bauerenduerf an déi meescht Awunner hunn an der Landwirtschaft geschafft.

D'Duerf war opgedeelt a 4 Quartieren, Nimm déi eeler Leit am Duerf mol nach gebrauchen:

„Am Faubourg“ (de Wee Richtung Buurschent)

„Am Duerf“ (d'Mëtt vum Duerf)

„An der Hielt“ (de Wee Richtung Heischent)

„A Frankräich“ oder „Aasselbur“ (d'Häff Mailliet an Huberty)

An der Ardennen-Offensiv 1944/45 gouf d'Duerf Kiemen bal komplett zerstéiert an souwuel ënnert den Zaldote wéi ënnert der Zivilbevölkerung ware vill Affer ze bekloen. An engem gemeinsamen Doudebild vum deemolige Paschtouer Fritz Rasqué vu Buurschent gi folgend Krichsaffer vu Kiemen opgezielt: Hary Poull, Suzanne Steichen-Plier, Péiter Bonert, Marguerite Bonert-Majerus, Marie Hecker, Marie Hansen-Draut, Thérèse a Bertha Rippinger. Am Dezember 1944 sinn hei amerikanesch an däitsch Truppen openeen gestouss an d'Situatioun vun den Duerfleit gouf dramatisch. D' Amerikaner hunn um Buedem an aus der Loft vun Heischent aus ugegraff fir de „Bréckekapp Buurschent“ ze breechen, deem déi däitsch Zaldoten, déi zu Buurschent a Kiemen louchen, mat Granatfeier an Nokampf bis op d'Blutt verdeedigt hunn. Kiemen louch während Woche matten op der Front a war mol an däitscher an da rëm an amerikanescher Hand. Schlussendlich hunn d'Amerikaner d'Duerf mat Phosphorbomme beschoss. Déi läscht Awunner sinn aus hire brennenden Haiser an der Keelt an am Schnéi iwwer d'Felder geflücht an hunn dobäi hiert Hab a Gutt, a verschiddener hiert Liewe verluer.



Sou huet d'Duerf no der Ardennen Offensiv 1944/45 ausgesinn. Déi meescht Haiser haten Treffer, waren unbewunnbar oder ausgebrannt. Hannert dem Haff „Hingen“ steet haut nach eng vun den Noutwunnengen, déi no der Offensiv opgeriicht goufe fir Awunner déi net an hir Haiser zrëckkonnten.



Noutwunneng „Um Uesperwee“



Kiemen op amerikanesch (1945)

Beim Hobscheid (haut Hauptstrooss 1)

*(ausgebrannt) An dësem Haus, dat 1865 gebaut gouf, huet d'Famill Hobscheid Joseph-Weiler Justine mat hirem Jong Hobscheid Nicolas gewunnt. D'Haus gouf nom Krich ofgedroen.

**Beim Hunne Pier** (haut Hauptstrooss 3)

(ausgebrannt) Den Hausnumm kënnt vum Erbauer a fréiere Besëtzer Haan Johann (1875). Seng Duechter Haan Marie war mam Georges Peter bestuet. Vun hiren 10 Kanner huet den Georges Emile d'Haus iwweholl.

**Beim Hunne Jäng** (haut: Hauptstrooss 4)

(ausgebrannt) De Georges Jean, Jong vun Georges Peter-Haan Marie, huet dëst Haus vun ëm 1900 virum Krich kaaft a mat sénger Fra Frederes Anna a Kanner bewunnt.

**An Düpongs** (haut: Hauptstrooss 5)

(ausgebrannt) Hei huet d'Famill Dupont Michel-Goerens Louise an duerno Dupont Félix-Haas Amalia geliewt.

**A Schnedder** (haut: Hauptstrooss 6)

(ausgebrannt) Den Hausnumm kënnt vum Handwierk Schnedder, deen e fréiere Besëtzer Franz Bonert hei ausgeübt huet. Vun 1916 un war d'Haus am Besëtz vun der Famill Rippinger Michel-Habscheid Anna.

**A Wiewesch , Beim Konsbrück** (haut: Hauptstrooss 8)

(Treffer bewohnbar) Dëst Haus gouf virun 1800 vu Poull Johann Peter-Meyer Suzanne gebaut. Den Hausnumm „A Wiewesch“ geet op d'Wiewer Handwierk zréck. No 1919 huet hei d'Famill Konsbrück Nicolas-Fischbach Marguerite an duerno Scharz Michel-Konsbrück Irma gelieft. D'Haus stong no bei der Strooss op der Plaz wou haut den Haff vum jetzigen Haus Hauptstrooss 8 ass.

* Angaben aus dem Buch vum Paschtouer Fritz Rasqué iwwer den Zoustand vu jidder Haus no der Rundstedt-Offensiv.

Beim Hansen (haut Haapstrooss 10)

(ausgebrannt) Dëst Haus gouf ëm 1810 vum Jakob Poull gebaut, an huet „Beim Wiewermett“ geheescht. Ufanks 20 Jh. huet do d'Famill Hansen Johann Peter-Draut Marie geliewt an duerno Hansen Mathias–Scheuer Marie. Am Hannergrond um Bild gesäit een d'Haus „Beim Konsbrück“.

**Beim Schousterhib, Beim Rassel**

(ausgebrannt) An dësem Haus vun 1838 huet d'Famill Rassel Hubert-Wiesen Susanna mat hire Kanner Nicolas, Joseph a Sophie gelieft. Den Hausnumm weist op d'Schousterhandwierk hinn. Dëst Haus stong niewt der Kierch (virum Haus Dupong) a besteet haut net méi.

**Bei Schanzen Hary** (haut Haaptstrooss 9)

(ausgebrannt) Dëst Haus gouf 1905 vun der Famill Besenius Heinrich-Bissener Catherine opkaaft a spéider vun der Famill Besenius Joseph–Heinesch Marie bewunnt. Den Hausnumm geet wahrscheinlech zrëck op e fréiert Haus „a Schentzen“ oder „a Schanzen“ a krut als Zounumm de Virnumm Hary vum neien Eigentümer.

**An Harressen** (haut Haaptstrooss 17)

(ausgebrannt) Den Hausnumm geet zrëck op de Virnumm vun engem fréiere Besëtzer mam Numm Plum Heinrich (Hary). Dëst war d'Haus vun der Famill Schank Nicolas-Weber Anna an duerno Jentges Anton-Schank Maria.

**Bei Steichens Franz, A Bolmësch** (haut Haaptstrooss 12)

(ausgebrannt) Den alen Hausnumm „a Bolmësch“ kënnt vun engem fréiere Besëtzer mam Numm Bolmeyer. 1903 huet de Franz Steichen vu Scheedel dëse Bauerenhaff kaaft. 1910 huet hien sech mat Plier Susanne bestued. Säi Jong Steichen Firmin mat sénger Fra Dernelen Anna hunn de landwirtschaftliche Betrieb iwwerholl.

**A Pulls** (haut Haaptstrooss 18)

(Wunnhaus bewunnt, Ställ a Scheier ausgebrannt)

Den Hausnumm Pull kënnt vum Familiennum Poull vu fréiere Besëtzer. Dëst Bauerenhaus gouf 1866 nei gebaut.

D'Famillen Malget Anton-Huberty Anna an duerno Steichen Félix-Malget Léonie hunn de Bauerebetrieb gefouert.



An Hielten (haut Hauptstrooss 25)

(ausgebrannt) Dëst Haus gouf ëm 1830 gebaut a krut säin Numm vun der „Hiel“ (Hohlweg), deem deemols enke Wee fir op Heischent. Doran huet d'Famill Olinger Johann-Kaes Madeleine gewunnt a spéider Conrad Anton-Olinger Marie.

Beim Buren Tid (haut: Hauptstrooss 27)

(ausgebrannt) 1870 gouf dëst Haus gebaut an 1924 un Faber Theodor-Becker Catherine verkauft. Duerno huet d'Famill Diener Bernard-Faber Marguerite doran gelieft. Nom Krich gouf d'Haus nei opgebaut. Den Hausnumm kënnt vum Heemechtshaus vum Faber Tit „a Buren“.

A Pieren (haut a Rasspich)

(ausgebrannt) Ëm 1840 gouf dëst Haus vum Kaes Peter-Faber Anna gebaut a krut dowéinst den Hausnumm „a Pieren“. Viru ronn 100 Joer hunn doran Kaes Mathias-Weber Marie gewunnt mat hire Jongen Jean a Peter. D'Haus stong lénks vum Haus „An Haressen“. An de 50er Joeren huet d'Famill Kaes en neit Haus „a Rasspich“ gebaut, an dëst Gebäi ass verschwonnen.

**Lokalveräin**

Op der heitiger Verkéiersinsel an der Mëtt vum Duerf stoung fréier de Lokalveräin vu Kiemen. Dëst Gebai huet schwéier Beschädigungen am Krich erlidden. Nom Krich gouf et rüdimentär reparéiert fir Maschinnen ënnerzestellen a fir d'Entrahmung vun der Mëllech. An de 60er Joeren gouf den Terrain vun der Gemeng opkafft an d'Gebai ofgerappt.



Lokalveräin Kehmen/ rechts am Bild d'Haus „Beim Rassel“

A Fënster (haut Scheedelerstrooss 4)
(ausgebrannt) D'Haus a Fënster, wat eng aal Schlassvogtei war, staamt aus dem Joer 1799, mee gouf 1856 no engem Brand nei opgebaut. An dësem Bauerewesen huet d'Famill Schmitz Mathias-Bonert Susanne an duerno Schneider August-Schmitz Anna gewunnt a geschafft.



Beim Schmatt (haut Scheedelerstrooss 2)
(schwere Treffer, bewohnbar) Dëst Haus gouf ëm 1800 gebaut a spéider goufen Ställ an eng grouss Schmëtt bäigebaut. Hei huet d'Famill Turpel Nicolas-Besenius Catherine an duerno Turpel Jos-Koos Anna Catherine geliewt. Den Hausnumm kënnt vum Handwerk dat iwwer Generatiounen op där Plaz ausgeübt gouf.



Kierch, Kaplounshaus a Schoul

(haut Scheedelerstrooss 1-3)
(schwere Treffer) Déi aktuell Kierch gouf 1905 op der Plaz vun enger aler Kierch opgeriicht. D'Kaplounshaus an d' Schoul goufen 1873 duerch den Entrepreneur Michel Betz vu Welschent gebaut. Vun 1876 bis 1907 war d'Kaplounswunneng duerch de jeweilige Kaploun vu Kiemen bewunnt, duerno duerch d'Léierpersonal vu Kiemen.

<(Am Vierdergronn rechts um Bild gesäit een d'Haus „Bei Fréitzen Néckel“)

Bei Frëitzen Néckel

(Treffer, unbewohnbar) Den Hausnumm soll zréckgoen op de fréiere Besëtzer Rippinger Friedrich, de „Schéiferfritz“, deen d'Schofherd vu Kiemen gehitt huet. 1904 huet de Poull Nicolas dëst Haus vun ëm 1800 opkaaft, an huet do gewunnt mat senger Fra Kaes Anna a mat de Kanner Hélène, Léonie an Anna. Dëst Haus stong lénks vun der Scheedelerstrooss a besteet haut net méi.

Beim Schoettert , fréier „A Flëps“ (haut: Scheedelerstrooss 8)

(Treffer, bewohnbar) Dëst Haus ass eng Halschent vun deem ale „Flëps“ Haus, (d'fréier Philipsvogtei vum Buurschter Schlass an d'Stammhaus vun der Famill Kaes) a krut den Hausnumm vun deem spéideren Eigentëmer Schoettert. Doran hunn d'Famillien Georges Philippe-Weber Catherine an duerno Schoettert Franz-Georges Maria geliewt.

Bei Frëitzen Hary (haut Scheedelerstrooss 10)

(Treffer, bewohnbar) Dëst ass déi aner Halschent vum ëm 1800 gebauten „Flëps“ Haus mat deem alen Hausagang. Hei huet den Heinrich Poull, genannt „Frëitzen Hary“ a seng Schwëster Marguerite gewunnt.

Beim Réideng (haut Scheedelerstrooss 12)

(Treffer, bewohnbar) Dëst Gebäi gouf vun der Famill Michel Kaes-Schmit no 1800 un d'Stall an d'Scheieren vum Flëps Haus ugebaut. 1895 gouf doran eng Gastwirtschaft duerch d'Famill Joseph Hemes-Clees Susanne ageriicht. 1921 huet d'Famill Reding Nikolaus-Obermayer Ottilie d'Gebai kaaft. Duerno huet d'Famill Reding Georges-Heinesch Elise do gewunnt bis si 1942 an hir neigebaute Villa geplënnert sinn an d'Wirtschaft u Kaes Johann-Nossen Susanna verpacht hunn. Vun 1945 un huet de Georges Reding d'Wirtschaft rëm selwer gefouert. D'Elise Reding-Heinesch war Léierin zu Kiemen vun 1926 bis zur Pensioun.



A Bounerts (haut Scheedelerstrooss 7)
(ausgebrannt) Dëst Bauerenhaus gouf ëm 1775 vum Martin Koob gebaut, spéider vergréissert mat Ställ, Schäpp a Scheieren a blouf iwwer Joerhonnerten am Besëtz vun der Famill Koob an Hemes. Ufank 20. JH waren d'Famill Hemes Mathias-Fischbach Marie an duerno Gillen August-Hemes Susanne d'Besëtzer. Den Hausnumm geet wahrscheinlech zrëck op de Familiennumm Bonert.



A Knuppen (haut Scheedelerstrooss 22)
(Treffer, bewohnbar) Dëst Haus läit op der Héicht (Knupp) Richtung Scheedel, dohir säin Hausnumm. Et gouf 1831 vun der Famill Hennes Peter-Lorrang Catherine gebaut. Duerno waren d'Familjen Georges Franz-Hennes Marguerite a spéider Reuter Mathias-Georges Catherine d'Besëtzer.

A Buren

(beschädigt) An dësem Haus huet d'Famill Faber Peter-Werner Anna gewunnt an duerno Faber Catherine. Den Hausnumm kënnt vu Bur (Brunnen) resp. Burewee.

An Thirys

(beschädigt) Dëst Haus gouf ëm 1850 gebaut vun der Famill Belener Mathias-Ludwig Anna déi 1895 an Amerika ausgewandert ass. 1924 huet d'Famill Thiry Johann-Weiwert Catherine vu Welschent dëst Haus gesteeet. Duerno huet d'Famill Moyon Johann-Thiry Catherine do gewunnt mat hire Jongen Joseph a Leo. Nom Krich huet d'Famill en neit Haus „um Ewent“ gebaut.



„Brennerei“

Dëst Gebai gouf 1938 vun der Brennereigenossenschaft vu Kehmen opgeriicht fir Industriealkohol ze produzéieren a sech domat en Zoubroust ze verdingen. Mee knapp a Betrib koom de Krich. D'Gebai an d'Ariichtunge goufen an der Offensiv staark beschädigt. Nom Krich haten d'Leit aner Problemer an d'Brennerei koom net méi a Betrib. D'Gebai ass haut a Privatbesëtz.

A Schmatts, a Gierentz (haut Uesperwee 2)

(Treffer, bewohnbar) Dëst Haus gouf 1775 gebaut vu Peter Schan a krut am Laf vun der Zäit verschidden Ëmännerungen. Doranner huet d'Famill Gierentz Nicolas-Fischbach Marguerite gelieft, duerno hir Nokommen Corneille a Margaretha. Déi eelst Duechter war bestued mam Franz Schank vu Buurschent.

**A Baakes**

(Schwere Treffer) Den Numm Baakes kënnt vu Backhaus. Dëst Gebai, wat haut net méi besteet, gouf ëm 1780 gebaut. 1890 ass d'Famill Ludiwig Theodor-Hennes Margaretha mat hire Kanner an Amerika ausgewandert. Nom Krich huet dës Famill Geld fir nei Kierchefënsteren gestëft. Vun 1909 un gouf d'Haus bewunnt vu Bonert Peter a senger Fra Majerus Margaretha, déi allen zwee an der Ardenner Offensiv ëm d'Liewe koumen.

A Réidengs (haut Uesperwee 8)

(Treffer, bewohnbar) 1942 ass d'Famill Reding Georges-Heinesch Elise an dëst nei gebautend Haus agezunn.

**An Zömes** (haut Uesperwee 11)

(ausgebrannt) Dëst ass dat eelst Gebai vu Kiemen an huet der Buurschter Herrschaft gehéiert. An den Archiven vum Schloss läit een Dokument vun 1509 wouduerch de Bernhard IV, Här zu Buurschent säin Haff Asselborn zu Kiemen un de Bernhard Classen a seng Jongen ierflech verpacht huet. Dës Pachtsituatioun huet réicht duerch d'Franséisch Revolutioun opgehéiert.



Ufanks 20. Joerhonnert huet d'Famill Huberty Johann Peter-Conzemius Catharina /am zweete Mariage Hemes Maria an duerno d'Famill Huberty Edouard-Thill Eva den Haff bewirtschaft. Den Hausnumm Zömes kënnt wahrscheinlech vu fréiere Propriétaire mam Familiennumm Conzemius. Den Haff louch um Uesperwee niewt dem Haff Hingen. Nom Krich huet d'Famill Huberty en neie Betrib (haut Uesperwee 11) opgebaut an dësen eelsten Haff vu Kiemen ass verschwonnen.

An Hingen (haut Uesperwee 12)

(ausgebrannt) Am Archiv vun der Herrschaft Buurschent fanne mir am Joer 1586 een Tauschakt wouduerch den Hoenen Paul d'Erlaabis kritt d'Hoenen Vogtei zu Buurschent géint een Haff zu Asselborn bei Kiemen ze tauschen mat der Bedingung datt all Pflichte vun der Vogtei zu Buurschent op den Haff Asselborn iwwerdroe ginn. 1619 krut den Hoenen Wulpert (Willibrord) weider Lännereie verpacht.

1813 gouf dat aalt Haus nei ëmgebaut an et koume weider landwirtschaftlich Gebaier dobäi. Ufank vum 20. Joerhonnert gouf de Bauerebetrieb gefouert vun Mailliet Anton a Probst Anna, duerno Mailliet Nicolas-Mathay Maria.

**Beim Houschter** (haut Uesperwee 20)

Dëst Haus gouf ëm 1840 gebaut vum Friedrich Mersch aus dem Haus Hingen a gouf „Beim klenge Friedchen“ oder och „a Rennen“ nom Lieu-dit „Op der Renn“ benannt. 1889 gouf et verkaaft un Schaeffer Nikolaus vun Houschent a krut den Numm „beim Houschter“. 1921 huet den Anton Mailliet d'Haus kaaft an als Scheier a Schapp benotzt. Zanter kuerzem gouf et renovéiert a rëm bewunnt.



Kehmen –Asselborn 1982

Scheedel

1900 hat Scheedel 9 Haiser mat 39 Awunner. 1940 waren et nach 6 bewunnten Haiser mit 23 Awunner. Haut zeelt Scheedel 14 Stéit a 35 Awunner.

An Hengesch (haut: Haaptstrooss 2)

(ausgebrannt) Dëst ass dat eelsten Haus vu Scheedel a stong an enker Verbindung mat dem Buurschter Schlass. Den Numm an Hengesch kënnt vu Virfare mam Familiennumm Hengers. Am Laf vun der Zäit gouf d'Uwese vergréissert an ausgebaut. Ufanks vum leschte Joerhonnert hunn d'Familljen Steichen Johann Michel-Klein Maria Anna an duerno Steichen Victor-Majeres Marie Augustine de landwirtschaftliche Betrieb gefouert.



An Néckels (haut Duerfstrooss 5)

(ausgebrannt) Den Hausnumm „An Néckels“ staamt vum Virnumm vun Lucas Nicolas (*1828) D'Haus ass zënterhir am Besëtz vun der Famill Lucas, déi d'Gebai am Laf vun der Zäit verännert a vergréissert huet. 1901 gouf de Lucas Peter mam Dupont Margaretha bestuet. Si sinn 1945 allebéid duerch d'Rundstedt-Offensiv gestuerwen. Hire Jong de Lucas Jean-Pierre huet sech 1940 mat Zenner Anna vu Lëpschent bestued.



A Steewes (haut Duerfstrooss 4)

(ausgebrannt)

Dëst Haus huet schon an der éischter Halschent vum 18. Joerhonnert bestan a huet de Besëtzer dräi mol gewiesselt. 1810 huet d'Famill Erdel Peter-Winandy Maria d'Haus kaaft. Vun 1900 un huet d'Famill Erdel Bernard-Georges Marguerite de Betrieb gefouert mat hire Kanner Erdel Nicolas, Anna a Jean-Pierre.



D'Kapell vu Scheedel (haut Duerfstrooss 2)

D'Kapell vu Scheedel gouf tëschent 1862 an 1868 vum Entrepreneur Betz Mathias vu Welschent a mat Hëllef vun den Duerfleit gebaut. 4 Ordensbridder aus dem Haus Erdel hunn den Terrain dofir gestallt an dat néidegt Geld fir de Bau an den Ënnerhalt gestëft.

Beim Martin (haut Haaptstrooss 7)

(Schwere Treffer) Dëst Haus huet viraus der Famill Thiry gehéiert. Vun 1878 un huet doran d'Famill Haan Dominik-Faak Catherina gelieft. 1914 huet den Haan Martin sech mat Strecker Barbara bestued an och den Hausnumm „Beim Martin“ gestallt.

**Beim Schnedderjang, fréier „A Schmatts“** (haut Duerfstrooss 3)

(Treffer, gut bewohnbar) De Frising Nikolaus huet dëst Haus gebaut. Duerno huet säi Jong Frising Johann Peter mat senger Fra Barthels Magdalena do geliewt. Déi verschidden Hausnumm kommen vun de Beruffer vun den Eegentëmer. 1931 huet den Haan Johann d'Haus kaaft a sech 1936 mat Maria Roll, Witfra vum Johann Thiry bestued.

Beim Schouster, fréier „A Kuelen“

(bewohnbar)

Dëst Haus gouf ëm 1825 vum Jakob Lieftring gebaut. 1925 huet de Victor Steichen d'Haus kaaft a säi Schofhiert dra wunne gelooss. Spéider war et verlount un d'Famill Storn Bernard-Bernar Marie. Den Numm „Beim Schouster“ kënnt vum Handwierk vum Storn Bernard. Den Numm „A Kuelen“ soll zréckgoën op de Beruf vum „Kueler“ deem seng Aarbecht et war Kuelemeiler opze-riichten wouran d'Holz an Holzkuelen transforméiert gouf.



Scheidel 1982



Quellen: Gemengenarchiv, Bourscheid Geschichte einer alten Pfarrei,/Fritz Raqué, Le Grand-Duché de Luxembourg historique et pittoresque/ J-P Glaesener, Oeuvre Théophile Steffen, Notizen an Aussoën vun Zäitzeien,

Dës kleng Duerfchronik stellt net den Usprouch vollstänneg an an all Detail exakt ze sinn, mee mir hu versicht dat wat lo nach gewosst ass, ze erhalen. Mir wiren dankbar fir weider Informatiounen, al Fotoën oder eventuell Berichtigungen. Aus Dateschutzgrënn sinn aktuell Proprietären net dran ernimmt.

Gebräicher an Traditiounen: Krautwëschdag

Krautwëschdag oder Léiffrawëschdag ass d'Fest vu Mariä Himmelfahrt a gëtt de 15. August gefeiert. Wéi a villen anere Länner ass deem Dag och zu Lëtzebuerg e gesetzliche Feierdag. D'Traditioun vum Krautwësch, déi op en heednesche Brauch zréckgeet, huet sech zënter dem fréie Mëttelalter an eise Géigende verbreet a gehéiert mëttlerweil weinst hirem kulturelle Wert zum Welt-Kulturerbe. De Wësch gëtt um Feierdag an der Kierch geseent an duerno doheem am Haus opgehaang als Glécksbrénger fir d'Leit an d'Déiere viru Krankheet an Doud, Onglück a Katastrophen ze beschützen.



Woraus de Wësch (= Bouquet aus Kraider) besteet hängt bësse vun de Géigenden of, mee ëmmer si Feldfriichten (Éien) drann déi ëm dës Zäit zeideg sinn, Heel- a Gaardekraider déi am August hir stäerksten Intensitéit hunn, Blummen aus der Natur an aus dem Gaart déi da bléien, gewéinlech och eng Ënn an eng Muert aus dem Geméisgaart.



Wéi op ville Plazen am Land, hunn och Bénévoler aus de Paren Buurschent-Kehmen a Welschent an den Deeg viru Krautwëschdag fläisseg Éien, Kraider a Blummen agesammelt an doraus vill schéi faarweg Wësch gebonnen.

Dës goufe während enger feierlicher Mass, gehalen vum Här Paschtouer Fränz Müller a gesonge vun de Chorale Buurschent a Méchela, an der Kapell vu Scheedel geseent an no der Mass un d'Leit verdeelt.



DE BUURSCHTER DEZEMBER 2021

MANIFESTATIOUNEN 2022

- 06.01.22 Dräikinnéksdag
- 05.02.22 + 06/02/22 Hierkenowend zu Buurschent / Chorale
- 02.02.22 Liichtmëssdag
- 11.02.22 Kanner-Fuesparty zu Buurschent / Elterevereinigung
- 12.02.22 Tati-Tata zu Méchela / C.S. Buurschent
- 14.02.22 Våltesdag
- 26.02.22 Kannerfuesbal zu Buurschent / C.S. Buurschent
- 27.02.22 Fuessonndeg
- 06.03.22 Buergsonndeg - Buergbrennen
- 27.03.22 Generalversammlung Chanterelle / Brätzelsonndeg
- 27.03.22 Summerzäit
- 09.04.22 Feier fir d'Awunner iwwer 65 Joer
- 17.04.22 Ouschteren
- 01.05.22 1. Meefeier
- 09.05.22 Europa - Dag
- 14.05.22 Dîner Spectacle / Buurschter Schloss
- 15.05.22 Dîner Spectacle / Buurschter Schloss
- 19.05.22 Pilgerdag - Octave
- 25.05.22 Hämmelsmarsch zu Buurschent / Chanterelle
- 26.05.22 Kleng Kiermes zu Buurschent
- 27.05.22 Flèche du Sud - Départ & Arrivée Bourscheid
- 29.05.22 Kiirmes zu Kiemen
- 05.06.22 Pengschten
- 05.06.22 Kiermes zu Lëpschent - Hämmelsmarsch
- 06.06.22 Kiermescocktail zu Lëpschent / D'Lëpschter
- 06.06.22 Willibrordus-Mass zu Lëpschent / Chorale
- 12.06.22 Mammendag - Concert Chanterelle - Festsall Buurschent
- 23.06.22 Nationalfeierdag
- 09.07.22 Hämmelsmarsch zu Méchela / Chorale
- 10.07.22 Kiermesmass zu Méchela / Chorale
- 10.07.22 Mass Uewerschlënner / Chorale
- 21.07.22 Nocturne um Schloss - 19:00 Concert Les Gavroches
- 28.07.22 Nocturne um Schloss - 19:00 Concert Les Brasseurs
- 31.07.22 Kiermes zu Welschent / DTW
- 01.08.22 Kiermes-Fussball zu Welschent 19:00 / DTW
- 04.08.22 Nocturne um Schloss - 19:00 Concert Buurschter Musik
- 11.08.22 Nocturne um Schloss - 19:00 Concert Spitzenfelder
- 03.09.22 Hämmelsmarsch zu Buurschent / Chorale
- 04.09.22 Kiermes zu Buurschent
- 10.09.22 Hämmelsmarsch zu Schlënnermanescht / Chorale
- 11.09.22 Kiermes zu Schlënnermanescht
- 15.09.22 Kaffi fir de Schoulufank / Elterevereinigung
- 02.10.22 Pappendag
- 30.10.22 Wanterzäit
- 18.11.22 Kniddel-Owend / Elterevereinigung
- 26.11.22 - 27/11/22 Schlaasmaart um Schloss
- 05.12.22 Niklosfeier an der Zentralschoul
- 17.12.22 Krëschtfeier zu Lëpschent / D'Lëpschter
- 18.12.22 Chrëschtconcert Chanterelle Festsall Buurschent



Niklosfeier 2021 an der Zentralschoul zu Buurschent

Trotz Pandemie huet de Kleeschen a säin Houseker de Wee bei déi brav Kanner an der Zentralschoul an an der Maison Relais zu Buurschent fonnt, Corona-bedingt natierlech mat Mask. Si hu souguer iwwer Teams mat de Kanner geschwat déi doheem am Homeschooling waren an net hunn däerfen an d'Schoul. Merci léiwe Kleeschen!



YOGA

"Durch YOGA zu mir!
Durch die Yoga
Praxis wirst Du Dir
selbst bewusster,
flexibler und
entspannter."

All Donneschten vun
18-19H zu
Buurschent an der
Sportshal vun der
Schoul (ausser
während de
Schulvakanzen, dann
as kee Cours)

Mam Petra

Fier weider Infos: 661
670 831

Musek

Mir sichen emmer nach Interesselet
Museker vun all Alter, vum Ufänger
bis zum Profi, egal wei een
Instrument. Prouwen sin Sonndes
Moles zu Mechela an der Schoul, 1
bis 2 mol am Mount.

Fier weider Info: 621 717 679 oder
culture@bourscheid.lu

Advent: Fensteren/Maart

Weinst der unhalender sanitärer
Situatioun werten dest Joer leider
keng Adventsfensteren kennen
organisiert gin an den Adventsmaart
fällt leider och aus.

Save the Date

Dei nächsten Editioun vum Autofräien
Saverdall get et den 18. September 2022

KULTUR- SPORT A JUGENDKOMMISSION
BUURSCHENT



Kannertfuesbal

Samsdes, den 26. Februar 2022

zu Buurschent am Sall

ab 14 Auer

Fir lessen an Drenken as gesuert

ANIMATIOUN mat KINNOYEVEN

Org: CS Buurschent

Kannertombola

Entrée Erwachsene 3 euro Kannar 2 euro

The poster features a festive design with confetti, a clown in the top left, balloons in the top right, a clown with balloons in the middle right, and a group of children dancing at the bottom. The text is in various colors and fonts, with some elements in German and others in Luxembourgish.



Präismaskobal

„Tatitata“

12. Februar 2022 zu Mechela

mam Felix De Palma & Pierre Bamboleo

The poster features a clown in a red and white polka-dot outfit holding a large red gift box with yellow stars. The background is decorated with colorful streamers and confetti. A logo for CSB is visible in the bottom right corner.



CS BOURSCHEID

Fille ou garçon, tu as 4 ans au moins et tu aimes jouer au football ou aimerais simplement en apprendre un peu plus sur ce sport?

Alors viens nous rejoindre!

Dans notre club, tu trouveras : de la bonne humeur, du plaisir à jouer avec des amis, le jeu avec ou sans balle, des astuces, les dribbles, les tirs au but, du rythme, une équipe soudée et bien plus encore, avec nos entraîneurs formés et qualifiés.

Où ?

Terrain de football à Michelau

Quand ?

Mardi et jeudi de 18h00 à 19h00

- ✓ activités Loisirs
- ✓ amusement pour toute la famille
- ✓ vêtements de sports pour les jeunes
- ✓ et beaucoup plus.....

Pour plus d'informations, veuillez consulter le site :

www.csbuurschent.lu



Inscription :

Inscris-toi sans obligation auprès du responsable du club pour la jeunesse,

Gérard Schaul,

17 Haapstrooss, 9164 Lipperscheid

(+352 621 237 687 ou schaulj@pt.lu),

qui se fera un plaisir de te donner de plus amples informations, si tu le souhaites.

Chers parents, nous, le CS Bourscheid, souhaitons apporter une approche intéressante du football aux enfants de notre commune et des environs. Pour cela, nous sommes à la recherche d'enfants, qui aiment le sport, être en mouvement et s'intéressent au football ou au sport en équipe.

Tous les enfants entre 4 ans et 16 ans (filles et garçons) sont les bienvenus.

Commune de Bourscheid
1, Schlussee
L-9140 BOURSCHEID
Tél. +352 99 03 57-1
Fax +352 99 03 57-555
population@bourscheid.lu
www.bourscheid.lu



CALENDRIER 2022

Déchets ménagers	PMC - Pour tout renseignement : VALORLUX® - Tél. 37 00 06-1
Déchets organiques	SuperDrecksKäsch
Papier/carton	(collecte porte à porte)
Collecte de verre creux	Vêtements
Déchets encombrants 0,35 €/kg	Collecte métaux
Préavis la commune 48h	Préavis la commune 48h
à l'avance - Tél. 99 03 57 340	à l'avance - Tél. 99 03 57 340
Déchets verts - janvier - décembre	Congés scolaires
Dépôt Bourscheid	Kiimes
	Sacs SIDECC disponibles à la mairie : 3,60 €

Pacteclimat

Ma commune s'engage pour le climat

JANVIER			FÉVRIER			MARS			AVRIL			MAI			JUIN		
1 S	NOUVEL AN		1 M			1 M			1 V			1 D	FÊTE DU TRAVAIL		1 M		
2 D			2 M			2 M			2 S			2 L			2 J		
3 L			3 J			3 J			3 D			3 M			3 V		
4 M			4 V			4 V			4 L			4 M			4 S		
5 M			5 S			5 S			5 M			5 J			5 D	PENTECÔTE	Lépschent
6 J			6 D			6 D	Buergsomdeg - Buergbrennen		6 M			6 V			6 L	LUNDI DE PENTECÔTE	
7 V			7 L			7 L			7 J			7 S			7 M		
8 S			8 M			8 M			8 V			8 D			8 M		
9 D			9 M			9 M			9 S	Seniorefeier		9 L	JOURNÉE DE L'EUROPE		9 J		
10 L			10 J			10 J			10 D			10 M			10 V		
11 M			11 V			11 V			11 L			11 M			11 S		
12 M			12 S			12 S			12 M			12 J			12 D	Mammendag	
13 J			13 D			13 D			13 M			13 V			13 L		
14 V			14 L			14 L			14 J			14 S			14 M		
15 S			15 M			15 M			15 V			15 D			15 M		
16 D			16 M			16 M			16 S			16 L			16 J		
17 L			17 J			17 J			17 D	PÂQUES		17 M			17 V		
18 M			18 V			18 V			18 L	LUNDI DE PÂQUES		18 M			18 S		
19 M			19 S			19 S			19 M			19 J	Pilgerdag - Octave		19 D		
20 J			20 D			20 D			20 M			20 V			20 L		
21 V			21 L			21 L			21 J			21 S			21 M		
22 S			22 M			22 M			22 V			22 D			22 M		
23 D			23 M			23 M			23 S			23 L			23 J	FÊTE NATIONALE	
24 L			24 J			24 J			24 D			24 M			24 V		
25 M			25 V			25 V			25 L			25 M			25 S		
26 M			26 S			26 S			26 M			26 J	ASCENSION Buurschent		26 D		
27 J			27 D			27 D	Brätzelsonndeg / Summerzäit		27 M			27 V			27 L		
28 V			28 L			28 L			28 J			28 S			28 M		
29 S			29 M			29 M			29 V			29 D	Kiemen		29 M		
30 D			30 M			30 M			30 S			30 L			30 J		
31 L			31 J			31 J			31 S			31 M					

Hëlleft mat eis Gemeng propper ze halen!

POUR RAPPEL DANS VOTRE COMMUNE
In Ihrer Gemeinde
In your municipality

CONSIGNES DE TRI
SORTIERANLEITUNG - SORTING INSTRUCTIONS



Bouteilles et flacons en plastique - Plastikflaschen und -flakons - Plastic bottles and containers

Emballages métalliques - Metallverpackungen - Metal packaging

Cartons à boisson - Getränkekartons - Beverage cartons

POUR RAPPEL
ZUR ERINNERUNG
AS A REMINDER

Films et sacs en plastique - Plastikfolien und -tüten - Plastic films and bags

Pots, gobelets et barquettes en plastique - Plastiktöpfe, -becher und -schalen - Plastic pots, cups and trays

MAZ SL | VIDE - LEER - EMPTY

PAS DE PLASTIQUE NOIR
KEIN SCHWARZER KUNSTSTOFF
NO BLACK PLASTIC

VALORLUX BE THE CHANGE

Disponible sur :
Verfügbar unter:
Available on:

www.valorlux.lu




Wëllt Dir un d'Datumer vun den Offall-Kollekten erënnert ginn?

App PoubelleLux

Ënner PoubelleLux.lu kënnt Dir gratis d'App PoubelleLux op Ären Handy roflueden.

SIDEC

Op der Säit sidec.lu kënnt Dir lech registréieren an Dir gitt per email informéiert.



Mitteilung betr. Grünschnitt

Die Grünschnitt-Sammelstellen

⇒ Um Kräizkapp - Bourscheid und

⇒ Atelier / Kirche - Kehmen

sind wie folgt für die Bürger geöffnet:

Jeden Tag, außer Sonntag :

April-Oktober : 08:00 h — 18:00 h

November-März: 08:00 h — 16:00 h

Erlaubt ist nur die Anlieferung von Grasabfällen sowie Grünschnitt von Hecken und Sträuchern.

Avis - Collecte des déchets verts

Les points de collecte des déchets verts

⇒ Um Kräizkapp - Bourscheid et

⇒ Atelier / Eglise - Kehmen

sont ouverts aux citoyens comme suit:

Tous les jours, excepté dimanche :

Avril-octobre : 08:00 h — 18:00 h

Novembre-mars: 08:00 h — 16:00 h

Uniquement le dépôt d'herbes, de coupes de haies et d'arbustes est permis sur les points de collecte communaux des déchets verts.



Photo Marc Schoentgen

Impressum

Dëst Info-Blat vun der Gemeng Buurschent gëtt ënnert der Verantwortung vum Schäfferot an Zesummenaarbecht mat der Redaktiouns-Kommissioun erausginn a periodisch un all Haushalter gratis verdeelt.

Aner Gemeengekommissiounen oder Veräiner, déi Informatiounen am Buurschter wëlle publizéiert hunn, müssen dës am Gemengesekretariat ofginn, wa méiglech an digitaler Form.

Deen nächste Buurschter kënnt am Juni 2022 eraus.

**Den Délai fir Informatiounen eranzeginn ass de
15. Mee 2022**

Mir sinn och dankbar fir interessant Ureegunge vun Awunner, z.B. al Schoulfotoën, Biller vun Evenementer a Manifestatiounen aus eiser Gemeng asw.

E grouse Merci un all, déi zu dëser Editioun bäigedroen hunn.

D'Redaktiounskommissioun vum « Buurschter » :
Decker Marc, Duminy Florence,
Hammes Françoise, Koob-Glaesener Alice, Nickels-Theis Annie



***Mir wënschen schéi Chrëschtdeeg,
Gesondheet, Zefriddenheet a Gléck fir 2022***

Andréck aus eiser Gemeng





www.bourscheid.lu